PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 29/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Am Fall wou engem Employé oder enger pensionéierter Persoun hir Steierkaart am Laf vum Joer wiesselt, ass den Employeur gehalen, fir e Recalcul ze maachen, fir esou de betraffene Persounen hiert Geld auszebezuelen, ouni datt dës op eng Steiererklärung oder en Decompte musse waarden. Heifir kann en Employeur zum Beispill eng Deklaratioun maachen, déi eng negativ Steierschold ausweist a mat den nächsten Deklaratioune verrechent ka ginn.

D'Steierverwaltung selwer schreift op hirem Site « Ces modifications de classe d'impôt sur la fiche de retenue d'impôt prennent effet à partir de la date du mariage ou de la naissance. La retenue pourra être redressée à partir de la nouvelle date validité suite à la remise de la fiche mise à jour à l'employeur ou à la caisse de pension. »

Elo ass et awer esou, datt d'CNAP dem Ombudsman a mindestens engem Fall geäntwert huet, datt si dëse Redressement net géife maachen, mee datt déi betraffe Persoune missten op hiren Decompte waarden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister confirméieren, datt d'CNAP keng Redressementer am Laf vum Joer ausbezilt?

2. Wëssend, datt grad bei Persoune mat enger klenger Pensioun esou e Redressement séier e substanziellen Deel vun hirem Akommes duerstellt, ass de Minister der Meenung, datt dës Approche misst geännert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député